

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gemengerot vum 20. März - Den neie Schoulkomplex zu Bierchem/Béiweng

Den Haaptpunkt vum Gemengerot war d'Ofstëmmung iwwer de Bau vum neie Schoulkomplex zu Bierchem/Béiweng. Wéinst der Gréisst, dem Käschtpunkt an der Alldagsfunktioon wäert dëse Projet d'Gemeng op Joerzénge prägen. déi gréng hun als eenzeg Partei mat Nee gestëmmt. Hei drënner erkläre mir lech firwat :

Prinzipiell ënnerstëtzen déi gréng d'Iddi vun engem neien Schoulkomplex well dëst ob laang Dauer natierlech noutwenneg ass. Mat enger klenger Tréin am Aen denke mir ewer och un dat historescht Schoulgebai, wat vill Réiserbänner nach vu fréier, oder méi rezent wéinst hire Kanner kennen, dat ofgerappt gëtt. Och d'Kombinatioun vun de Funktiounen « Schoul, Maison relais an Education différenciée » an engem eenzege Gebai, ass eng ganz nützlech a praktesch Léisung. Trotzdem hu mir mat nee gestëmmt :

1) Mir sinn enttäuscht, datt d'Gemeng net puer verschidden Architekturkonzepter an Iddien analyséiert huet, mee sech ob een eenzege Entworf begrenz huet! Et geet jo em e ganz laangfristegen, groussen an deiere Projet. Als gréng hätte mir gär am Virfeld méi Biergerbedeelegung an e Choix tëscht méi Konzepter gehat. Mir hätten en Architektoconcours organiséiert a bei der Auswärtung net just d'Leierpersonal, mee lech all, Bierger, Elteren a Kanner, mat abezunn. Bei enger Schoul huet déi geliefte Atmosphär vun der Architektur bannen a bausse groussen Afloss ob d'Wuel an d'Leeschtung vun de Benotzer. Mir hoffen wierklech, datt dës feelend Pluralitéit un Iddien an u Biergerbedeelegung net och bei der Entwécklung vum Hirschterbiere zur Regel gëtt.

2) Den Avant-Projet deen de Schäfferot ons zur Ofstëmmung virgeluecht hat, ass zwar net aussergewöhnlech schlecht, mee ewer ouni Innovatioun. D'Gestaltung vun de Fassaden erënnert éischter un en administratiiv Gebai oder e Musée, ewéi un e Gebai dat fir Kanner konzipéiert ass. Dëst gëllt esouwuel wat d'Faarwen, d'Formen an d'Materialien wéi och d'Architektursprooch am generellen ugeet. Och sinn déi bei enger Schoul wichteg Fräifläche « just » Reschtflächen an net an d'Konzept agebonnen.

déli gréng hätte gär e Konzept dat ronderëm d'Kanner geduecht ass, dat wesentlech méi op d'Luucht, d'Faarf an d'Akustik als wichteg Gestaltungsinstrumenter ageet, eng zumindest deelweis begréngte Fassade, modulär Andeelunge fir eng dynamesch Pädagogik, individuell Klasserräum mat Identitéitscharakter, stimuléierend a lieweg Bausseräum mat vill Gréngs...

Conseil Communal du 20 mars: Nouveau campus scolaire à Berchem/Bivange

Le point le plus important fut le vote sur le nouveau campus scolaire à Berchem/Bivange. Ce projet va marquer la commune pour les années à venir aussi bien par l'envergure, le cout et la fonction. Les Verts furent le seul parti à voter contre.

Évidemment, nous soutenons l'idée de construire un nouveau campus scolaire plus grand et plus moderne, tout en ayant aussi une petite pensée émue pour l'ancien bâtiment désormais voué à disparaître. Nous sommes tout aussi favorables au regroupement des trois fonctions « Enseignement fondamental, Maison relais et Éducation différenciée » qui constitue une approche innovante et pragmatique. Pourtant, nous avons voté contre le projet. Explications:

1) Nous sommes déçus par l'approche du Collège des Bourgmestre et échevins. Ils auraient dû lancer un concours d'architecte et développer plusieurs avant-projets alternatifs, c.-à-d. un vrai choix. Il s'agit, rappelons-le, d'un projet de construction important, couteux et à long terme. Voilà pourquoi, les Verts regrettent aussi que la Commune n'ait pas davantage associé les citoyens et notamment les « utilisateurs » - parents, enfants et enseignants - au processus d'élaboration du nouveau campus. Ici l'architecture au sens large, les formes, les couleurs, les aménagements intérieurs, la lumière, etc. auront un effet important sur l'ambiance générale, le bien-être et la performance des occupants !

C'est aussi de mauvais augures pour l'aménagement du « Hirschterbiere » ou une approche de participation citoyenne et d'élaboration systématique d'alternatives reste indispensable pour déi gréng.

2) L'avant-projet soumis au vote n'est pas particulièrement mauvais, mais pas innovant non plus. L'aspect extérieur fait penser à un musée ou bâtiment administratif, plutôt qu'à un bâtiment destiné à des enfants. Ensuite, les surfaces non-utilisées, très important pour une école, ont été oubliées dans ce projet.

En tant que Verts, nous aurions mis l'accent sur une conception architectonique mettant les enfants au centre, sur des aménagements modulaires permettant à la fois flexibilité de l'espace et pédagogie dynamique, des salles de classes individualisés, une partie de façade à couverture végétale, des alentours attractifs et verdoyants, etc.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Stellungnam vun déli gréng zum Gemengerot vum 22. Mee 2017

Zum Punkt 2: JO zur nationaler Campagne géint Liewensmëttelverschwendung

déli gréng Réiserbann hu sech dofir ausgeschwat, datt d'Gemeng Réiser bei der nationaler Campagne géint d'Veerschwendung vu Liewensmëttel matmécht. Weltwäit gi pro Joer 1,3 Milliarden Tonne fäerdeg Liewensmëttel ewech geheet an zu Lëtzebuerg sinn et schätzungsweis 180kg/Joer pro Awunner ! Des onnëtz Verschwendung vu wäertvolle Ressourcen ass net nëmmen ethesch bedenklech, mee och Ëmwelt- a klimaschiedlech. déli gréng ënnerstëtzen dofir eis Gemeng fir iwwerall do wou se kann, mam gudde Beispill virzegoen, an och d'Awunner fir dëst Thema ze sensibiliséieren. Et ass ee Problem wou Jidderee vun ons kann aktiv ginn.

Zum Punkt 9: NEE zu de Mini-Ännerunge bei Schüler- a Studentepriimen

Ëmmer méi Schüler a Studente hu sech beschwéiert datt de Primme-Reglement deelweis onkloer an ongerecht wär. D'Sozialkommissioun hat dofir scho vill iwwert des Schwierigkeeten diskutéiert a Proposen fir de Schäfferot ausgeschafft. Leider hat de Schäfferot awer eng aner Meenung an huet just eng minimal Ännerung vum Reglement duerch geboxt. Dat ass alles anescht wéi eng Wäertschätzung vun der Aarbecht vun de Biergerinnen a Bierger déi sech an de berodende Kommissiounen engagéieren, a fir déli gréng och keng Verbesserung vum Reglement. Mir hunn dofir dogéint gestëmmt.

Mir fannen déi aktuell Basis vun de Primme-Verdeelung net gutt. Et ass net immens gerecht, wann een d'Primm nëmme mat enger Joresmoyenne vu 45 Punkte kritt. Et kann een d'Leeschtung net eleng duerch d'Punkte bewäerten! Et ka sinn datt een/eent mat enger Moyenne vun z. B. 40 vill méi haart geschafft huet ewéi een/eent mat 50! Et gëtt och Ënnerscheeder jee no Lycée an der Ausbildung, oder wéi streng den Enseignant war, an natierlech och a Punkto Elterenhaus: Kënnt hien/hat aus engem méi sozial schwache Milieu ? Dat net Primme-Reglement ass deemno kee wierklechen Encouragement an och net sozial gerecht.

Besonesch onkohärent gëtt et awer eréischt wann een Berufsausbildung kuckt. Well et hei keng Punkte méi gëtt, gouf elo decidéiert, datt des Schüler d'Primm scho kréien, wann d'Schoul hinnen zertiféiert datt si d'Joer gepackt hunn. **Firwat kann dëse Prinzip dann net och fir den Enseignement secondaire a secondaire technique gëllen, also fir all Schüler/innen ?**

Positionnement du groupe déli gréng/Les Verts lors du Conseil du 22.05

Point2: OUI à la campagne contre le gaspillage alimentaire

Les Verts soutiennent la décision de participer à la campagne nationale contre le gaspillage alimentaire. Chaque année, au niveau mondial, 1,3 milliard de tonnes d'aliments vont à la poubelle. Au Luxembourg on parle de 180kg par habitant et par an. Ce gaspillage alimentaire est non seulement un problème éthique, mais a aussi un impact négatif sur l'environnement et le climat. Les Verts encouragent donc la Commune à participer activement à la campagne, à montrer le bon exemple dans ses propres services et structures et à sensibiliser les habitants. Chacun peut devenir actif contre le gaspillage!

Point 9: NON à la pseudo-réforme du Règlement d'allocation des primes aux étudiants

De plus en plus de réclamations concernaient le règlement des primes pour les élèves et étudiants et une réforme devenait urgente. Voilà pourquoi les membres de la Commission sociale avaient longuement discuté du problème et proposé un nouveau système d'attribution des primes au bourgmestre et aux échevins. Or, ceux-ci ne voulaient pas de véritable amélioration et ont fait voter une pseudo-réforme qui, aux yeux des Verts, reste incohérente et socialement injuste. Nous avons donc voté contre.

Tandis que les élèves de l'Enseignement professionnel (où il n'y a plus de points) ont droit à une prime si l'école leur certifie la réussite de l'année scolaire, les élèves de l'enseignement secondaire classique et technique doivent obtenir une moyenne générale de 45/60 points. Pourquoi ce mélange de prime de réussite et de prime de mérite ? N'aurait-il pas été beaucoup plus simple et plus cohérent d'élaborer un seul et unique système d'attribution pour tout le monde?

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Stellungnam vun déi gréng zum Gemengerot vum 17. Juli 2017

Nieft dem offizielle Compte-Rendu, wëlle mir Gréng just op zwee Punkten agoen: D'Zuchproblemer zu Bierchem an d'Zoumaache vun der Grillplaz um „giele Wee“ zu Crauthem:

Zuchproblemer, Bierchemer Gare:

Verspéidung oder Ausfäll op der Bierchemer Streck sinn eppes wat vill Réiserbänner kennen. Fir eis misst d'Gemeng reegelméisseg bei der CFL intervenéieren fir op d'Problemer vun den Bierger hinzewiesen, sief et d'Onpünnklechkeet, den desolaten Zoustand vun der Gare oder de schwierige Accès fir behënnert Persounen oder Eltere mat Kannerkutsch. Mir hunn och mam gréngen Transportminister geschwat: D'Ursaachen sinn engersäits eng riseg Waardelëscht vu verschleefte Moderniséierungsarbechten op de Lëtzebuenger Garen, an anerersäits eng a béide Richtungen hoffnungslos iwwerfëllte Bierchemer Stréck mat reegelméissegem Zuch-Stau. Déi nei Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg, déi grad gebaut gëtt, wäert dee Problem definitiv léisen. Fir datt et bis dohinner awer net nach méi schlëmm gëtt, huet de gréngen Transportminister déi schwierig, mee couragéiert Decisioun getraff, fir puer Zich manner iwwert d'Streck fueren ze loossen. Ab Dezember wäerten dofir - duerch d'Ewechfalen vu puer direkten Zich tëscht Diddeleng an der Stad - zu Bierchem zwar manner Zich halen, mee dofir nees méi zouverlässeg a pünnklech.

Grill- a Fräizäitplaz „Giele Wee“, Crauthem

Den LSAP-CSV Schäfferot hat Ufank Juli decidéiert fir déi beléifte Grillplaz am „giele Wee“ zu Crauthem, net wäit vum Herchesfeld, esou lang zou ze maachen, bis en neit Notzer-Reglement ausgeschafft ass. Et hätten nämlech Leit aus der Noperschaft „wéinst Jugendlechen déi Owes do Kaméidi maachen“ reklaméiert. déi gréng fannen dat immens schued! Dann huet een endlech mol eng flott Grill- a Picnic-Plaz déi vun de Bierger genotzt gëtt, an da mécht Gemeng se zou well se „zevill“ genotzt gëtt. Domadder huet de Schäfferot - an der beschter Grillsaison - all d'Notzer vun der Plaz „bestrooft“, amplaz bei iwwerdriwwenem Kaméidi einfach d'Police laanscht ze schécken. Eis hu Leit aus der Nopperschaft iwwregens erzielt, datt de gréisste Problem net de Kaméidi wär, mee déi chronesch iwwerfëllte Dréckskëschten, wou d'Leit dann hieren Ooffall einfach derniewt tippen. Fir déi gréng wär et deemno méi sënnvoll d'Poubellen méi oft eidel ze maachen, wéi dofir ze suergen, dass manner Leit dess Grillplaz notzen.

Positionnement du groupe déi gréng/Les Verts lors du Conseil du 17.07

Nous souhaitons réagir aux points de discussion suivants : Les réclamations liées à la gare de Berchem et la fermeture inopinée de la place de picnic et de barbecue à Crauthem :

Gare de Berchem : Retards et annulations de trains sont malheureusement devenus monnaie courante à Berchem. Pour nous, il faut que la Commune intervienne régulièrement auprès des CFL afin de pointer du doigt la ponctualité défailante, l'état désolant de la Gare et l'accès très compliqué pour les personnes à mobilité réduite et les parents avec poussette. La ligne de Berchem est en effet tellement saturée qu'il y a des embouteillages de trains. Nous savons que la ponctualité sera rétablie avec l'achèvement de la nouvelle voie de chemin de fer Luxembourg-Bettembourg. En attendant la fin des travaux, le ministre des transports a néanmoins pris la décision difficile, mais courageuse, de faire circuler quelques trains en moins entre Bettembourg et Luxembourg afin d'améliorer la ponctualité de tous les autres. Ainsi, à partir de décembre, avec quelques trains direct en moins entre Dudelange et Luxembourg, la situation à Berchem devrait déjà s'améliorer.

Fermeture du barbecue à Crauthem : Nous déplorons la décision du collège échevinal de fermer « provisoirement » la place de barbecue au « giele Wee », à Crauthem, pour cause de tapage nocturne de jeunes. Pour une fois qu'il y a une belle place de barbecue, on décide de la fermer parce que quelques jeunes en profiteraient « trop »... En cas d'abus répété, il aurait suffi d'y envoyer un agent de police et de ne pas pénaliser tous les utilisateurs. Des citoyens vivant à proximité nous ont d'ailleurs révélé, que le problème ne serait pas les jeunes, mais les déchets qui traînent par terre à côté des poubelles systématiquement encombrées. Il faudrait donc les vider plus souvent.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



déli gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 20. November 2017

LU: déi gréng Réiserbann soen lech villmools Merci, dat dir ons et erméiglecht hutt mam Nadine Brix an Dan Michels erëm 2 Leit am Réiser Gemengerot ze hunn! Mat Freed a Motivatioun verspieche mir lech, ons Aarbecht an der Oppositiooun engagéiert a fir eng méi nohalteg an transparent Gemengen- a Schäfferotspolitik weider ze féieren! Mir bedauern natierlech, datt mir ons Proposen an Iddie fir d'Zukunftsgestaltung vun der Gemeng net an der "Majoritéit" kënnen ëmsetzen. Trotzdem si mir zouversichtlech och während der neier Legislativperiod erëm markant Impulser setzen ze kënnen, zemools wëll vill vun onsem Wahlprogramm am Schäfferotsprogramm erëm ze fannen ass, genee wéi och Propositione vun onse Gemengeréit a Kommissiounsmemberen aus de läschte Joren, wéi z.B.: -Kannerrot a Biergerforen, -am Platz vu schwéiere Maschinnen, mat Pærd am Bësch schaffen, -Gemeinschaftsgäert, -ongenotzte Privatgäert un Leit aus Appartementer weider vermëttelen, fir datt dës erëm genotzt ginn, -d'Iddi vum „Urban Gardening“, dat si Platze mat Geméigäert an Uebstbongerten déi öffentlech zougänglech sinn, -méi gréng Zonen am PAP mat heemesche Planzen, -Energiekooperativen, -Energiekadaster mat potentiell interessanten Diech fir Sonnekollektoren, -Photovoltaik ob öffentleche Gebaier, -Opluetstatioune fir Elektroautoen, -méi Véelosweeër, - „Location vélos“, - „terrain multisport“, - „maison intergénérationnelle“, - „Parking résidentiel“ an e Pechert, - „Car-sharing“, - Vitesseschëlde an den Duerfagäng.

Grouss Bedenken hu mir beim Projet „Hierschterbiere“ a beim Schoulcampus Bierchem. Mir fäerten, dass mat deser LSAP-CSV Majoritéit wéineg Innovatives dobäi eraus kënn. Hei hätte mir gréng méi nohalteg a kreativ Akzenter gesat! Och der 30er Zone an der Groussgaass zu Réiser sti mir kritesch entgéint, doduerch ginn déi säitlech d'Stroose Richtung Schlamme an Helleng ëmsou méi belaascht.

Och steet am Schäfferotsprogramm vill Selbstverständlech dran, z.B. de „Plan d'encadrement scolaire“, d'Offer vun de „structures d'accueil“, de Label „sécher Spillplaz“ oder Stroosenerneierungen. Aner Saache gi just verlängert.

Mir stellen och fest, datt am neie Majoritéitsprogramm vill vague Ausdréck dra stinn, wéi z.B. „nous souhaiterions“, „nous soutiendrons“ oder „nous mènerons un dialogue“ amplaaz „nous nous engageons oder nous réaliserons“!

Als gréng hu mir der neier/aler LSAP-CSV-Majoritéit och folgende Virschlag gemaach: Virun all gréissem Projet de ganze Gemengerot zesumme ruffe fir eng oppen a partizipativ Aarbechtssëtzung, d.h. keng reng Informatiounssëtzung. Ausserdeem d'Bierger duerch richtig Austauschfore mat an d'Endscheidung anzebanen. Esou kéint de Schäfferot, iert si eng Entscheidung treffen, e maximum u Pro- a Kontraargumenter sammeln. Bis elo konnte mir quasi just der Form hallwer am Gemengerot iwwert längst Decidéiert mat ofstëmme. D'Stëmme aus der Oppositiooun haten dee Moment kaum nach Afloss, egal wéi gutt a pertinent se waren. Mir si elo gespaant ob d'Majoritéit oppe genuch ass fir dese konstruktive Virschlag anzehuelen!

FR: Tout d'abord un grand merci à vous TOUS pour avoir permis à déi gréng de siéger à nouveau avec deux représentants écologistes au conseil communal: Nadine BRIX et Dan MICHELS. Nous vous promettons donc de continuer notre engagement résolu en faveur d'une politique communale plus transparente, durable et intelligente.

Nous sommes agréablement surpris de retrouver plusieurs de nos propositions vertes dans le nouveau programme politique de la majorité LSAP-CSV. En même temps, nous déplorons que les priorités LSAP-CSV contiennent d'un côté beaucoup de points évidents ou carrément obligatoires et d'un autre côté beaucoup de tournures vagues et sans engagement précis, tel que p.ex. nous « souhaiterions », « envisageons », « soutiendrons » ou « nous mènerons un dialogue constructif », etc. qui n'engagent le collège échevinal ni à un résultat, ni au respect d'un délai, ni même à une démarche concrète.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Position d'ei gréng Réiserbann - Conseil communal du 21.12.17

LU: De Budget 2018 iwwerzeegt eis gréng leider net. Mir konnten näischt Innovatives, keng nei a wichteg Akzenter entdecken. Vill Ausgaben, resp. Projeten, sinn obligatoresch, resp. onëmängleech (z.B. Assainissement, nei Schoul, ...), an eenzel aus grénger Siicht positiv Iddien aus dem neien Schäfferotsprogramm sinn net an den Zuelen erëm ze fannen. Als gréng si mir mat engem progressiven a kreative Programm an d'Wahlen gaangen, an dofir rappt eis dëse langweiligen a konservative Verwaltungsbudget net vum Hocker. Déi zwee gréng Verrieder hu sech dofir bei der Ofstëmmung enthalen.

Méi am Detail haten d'ei gréng Réiserbann folgend **Iwwerleeunge, Froen an Ureegungen:** Am Budget'18 si leider nees vill Verschibungen aus der läschter Periode dran, vu Projeten d'ei entweder net oder net ganz ëmgusat goufen. An och fir 2018 feelt et eis u konkreten Emsetzungsindikatoren, fir ze wëssen op d'ei dann elo wierklech ëmgusat ginn. Am Fong ass d'ei awer an der Logik vum ganze **Schäfferotsprogramm dee fir eis weder innovativ, nach dynamesch oder resolut genuch ass.** Gutt fanne mir allerdéngs, datt verschidden Iddien d'ei **och am gréng Wahlprogramm** ze fanne sinn, en éischten, wann och ganz zaghaften, Néierschlag an den Zuele fonnt hunn, a vun ons ënnerstëtzt ginn.

→ Beispillsweis sollen am PAG sënnvoll Ännerunge virgeholl ginn. Et ass vun eventuellen „arrondies“ geschwat ginn d'ei d'Duerfränner sollen ofronnen. Dat ass besser ewéi wann tentaculaire laanscht d'Stroossen oder komplett op der grénger Wiss gebaut gëtt. An dem Kontext hu mir dunn och nees eis aal Fuerderung widderholl, fir de **PAG visuell méi lieserlech an iwwersichtlech ze maachen**, fir dat och Net-Experten domat eens gëtt.

Vill aner Punkte feelen awer, oder musse **kritesch hannerfrot** ginn, wéi zum Beispill d' Aféiere vum **„Parking résidentiel“**. D'ei ass bestëmmt eng Léisung géint de wëlle „Park & Ride“ Problem an eise Stroossen, mee werft och ganz **vill praktesch Froen** ob: Wären d'Vignetten nëmme fir bestëmmte Stroossen oder een Duerf? Wéi ass et wann een am Nopeschduerf eng Kommissioun huet? Wéi vill Vignettë kritt en Haushalt? Wéi ass et mam Besuch? Asw. All des Froe wäerten och lech als Awunner betreffen. Dofir wëllen mir, datt de Schäfferot e **breeden öffentlechen Debat** heizou féiert.

→ Esou een Austausch, grad ewéi och eng generell **Biergerbedeelegung bei all gréisserem Projet**, gëtt et awer net zum Nulltarif! Leider ass do awer näischt am Budget chiffréiert.

→ Et si Sue virgesi fir e **Verkéiserskonzept** ze entwéckele fir d'Aarbechtsplazen vun der Zone industrielle Kockelscheier a fir bei d'Hoteler nieft der Autobunn. Dat ass an der Rei, mee wéi ass et da mat engem Konzept fir all eis Awunner fir ob Beetebueg oder fir ob d'Kockelscheier? Am Moment brauch ee mat Zuch/Bus vun hei aus 45 min fir op d'Kockelscheier, dobäi géifen des Sport- a Fräizäitzenteren esou no leie fir ons Réiserbänner.

→ Ons feelt och e „Mobilité Douce“ Konzept iwwert potentiell **inneruertschaftlech Vëlosweeër**. Mir hunn Usätz fir vun enger Uertschaft an d'ei aner, awer nach näischt innerhalb vun den Dierfer. Hei ass de Schäfferot an de läschte Joeren null weiderkomm obwuel schonn etlech Bestandopnamen an „Tour du Duerf“ vill Mëssstänn identifizéiert hunn, d'ei liicht ze behiewe wäeren, wéi ze héich Trottoiren fir op de Vëloswee, etc. An dem Sënn hoffe mir datt deen neie Mobilité-Douce Aarbechtsgrupp fir d'Bierger net zur Farce verkennt.

→ Nieft der Mobilitéit gëllt dat selwecht awer och generell fir d'Ustregunge **am Beräich „Erneierbar Energie“**. Mat méi politeschen Wëllen an Courage vun der aler an neier LSAP-CSV Koalitioun kéint d'Gemeng Réiser am Beräich vum sougenannte „Klimapakt“ schonn Haut vill méi wäit sinn.

FR :

Lors du vote sur le budget 2018 de la Commune, les deux représentants Verts se sont abstenus. Le budget, bien, que n'étant pas fondamentalement mauvais, est loin de remplir nos attentes. Il manque cruellement d'aspects novateurs, contient de nombreux projets de toute façon obligatoires ou du moins indispensables (p.ex. assainissement des eaux usées, nouvelle école, ...) et quelques idées positives du nouveau programme politique de la majorité LSAP-CSV qui faisaient également partie de notre programme électoral écolo, ne se retrouvent pas dans les chiffres. Il s'agit en fait d'un programme d'activité pour 2018 qui se limite plutôt à une simple gestion administrative.